# LGS Assurancen

## Haftflicht (RC - responsabilité civile)

All Member, deen am Verband ugemellt ass an d'Kotisatioun bezuelt huet, profitéiert vun der Haftflicht, déi d'LGS bei der „La Luxembourgeoise" ofgeschloss hunn. Heiriwwer gi Schied bezuelt:

- fir déi e Member engem Drëtte géigeniwwer verantwortlech ass.
- De Schued entsteet duerch ee Feeler vum Schëllegen (net gewollt / net express).

Viraussetzung: Et muss ee Schëllege ginn, een anere Member zielt och als „Drëtten".

***WICHTEG: All Accident muss onbedéngt innerhalb vun 8 Deeg am Verbandssekretariat gemellt ginn (Tel.: 26 94 84, assurance@lgs.lu)***

## Onfallversécherung (assurance-accidents)

Vun der staatlecher Onfallversécherung (AAA - Association des Assurances Accident) sinn all Memberen, souwäit se an d'Schoul ginn oder als Chef/taine ugemellt sinn, verséchert. Fir all aner Member gouf eng privat Onfallversécherung bei „La Luxembourgeoise" ënnerschriwwen. D'Bestëmmunge sinn duerch d'Gesetz gereegelt, dat heescht:

- Biber, Wëllefcher, Avex, Carapio a RaRo déi nach an d'Schoul ginn a Chef/tainen, déi op de Memberlëschte stinn an hir Cotisatioun bezuelt hunn, profitéieren automatesch vun dëser Onfallversécherung a brauche keng weider Primm ze bezuelen.
- Fir all aner Memberen (CaraPio, RaRo, déi d'Schoulbänk net méi drécken) gouf eng privat Onfallversécherung bei „La Luxembourgeoise" ënnerschriwwen. D'Primm ass op 10 € festgesat. CaraPio a RaRo, déi an dësem Fall sinn (d.h. net méi an der Schoul sinn, déi eng Léier maachen, schaffe ginn oder am Chômage sinn) gëtt am Membersfichier déi entspriechend Case ugekräizt a si sinn domat verséchert. Si brauche keng weider Primm ze bezuelen.
- Albatrossen a Mataarbechter, déi an dësem Fall sinn, kënne vun dëser Onfallversécherung profitéieren, wa fir si déi entspriechend Case am Membersfichier ugekräizt gëtt a si – zousätzlech zur Cotisatioun – d'Primm vun 10€ bezuelen. Dës Zomm gëtt op der Rechnung vun der Kotisatioun vermierkt

D'AA kënnt fir kierperlech Schied op, déi wärend enger Scoutsaktivitéit entstinn (Verletzung, net Krankheet). D'AA deckt of: Doud an Invaliditéit, Aarbeschtsausfall, Klinik- an/oder medezinesch Käschten.

***WICHTEG: Bei engem Accident muss ee bei den Dokter ginn! Soubal ee beim Dokter oder an der Klinik war, MUSS den Accident am Verbandssekretariat gemellt ginn!***

## CASCO (assurance automobile pour sortie de service)

All Member, dee reegelméisseg een Auto bei Aktivitéite vum Grupp oder dem Verband benotzt, kann d'LGS-CASCO bei der „La Luxembourgeoise" ënnerschreiwen.
D'LGS hunn eng Casco-Assurance mat der „La Luxembourgeoise" ausgehandelt. Den Termin fir bei eiser Casco-Assurance (1.1.–31.12.) matzemaachen ass den 1. Dezember. No dësem Delai gëtt kee méi op d'Lëscht dobäigeschriwwen!! D'Primm vun der Assurance ass 10€, déi un d' Lëtzebuerger Guiden a Scouten iwwerwise gëtt (BILLLULL LU96 0029 0100 0002 3100). D'Assurance ass ënnerschriwwe soubal dës Primm virum 1. Dezember iwwerwise gouf. All Member vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten iwwer 18 Joer (Chef, Mataarbechter, Albatross, RaRo) ka vun dëser Assurance profitéieren. D'Assurance leeft op déi Persoun, déi d'Primm iwwerwisen huet egal mat wiem sengem Gefier(1), ee fiert.

### Weider Informatiounen

- D'Assurance deckt de Schued fir privat Autoen, Unhänger, Motorrieder, Vëlosmotor; fir Camionnette, déi net dem Grupp oder enger Firma gehéiert; Trakteren si net verséchert. (1)
- D'Assurance kënnt fir Schued op, deen um direkten Trajet tëschent der Wunneng an der Aktivitéit max. zwou Stonne virun an no der Aktivitéit geschitt
- Gëlteg zu L, B, F, D, NL, CH, A
- Max. vum Valeur vum Gefier: 25 000€
- D'Assurance kënnt op fir Schued beim Feier, Vol, Bris de glace an aner Schued um Auto bei enger Franchise vu 500€
- Franchise: 500€, wa keng drëtt Persoun bedeelegt ass

***Fir weider Informatiounen, Detailer zu de Konditioune vun den ofgesécherten Aktivitéiten an d'Deklaratioun vu Schied am Verbandssekretariat uruffen (Tel.: 26 94 84). D'Deklaratioun vu Schied muss innerhalb vun 8 Deeg nodeems de Schued entstanen ass, am Verbandssekretariat gemellt ginn:***

***assurance@lgs.lu***